N°7797
Entrée le 20.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Den 8. Mai 2019 huet de Minister fir Bannenzeg Sécherheet d'Statutte vun engem Groupement d'intérêt économique (GIE) mam Numm "Agence luxembourgeoise pour la promotion d'une interface unifiée en matière d'échange de données passagers dans le domaine de la sécurité" ënnerschriwwen. D'Zil vum GIE war et, eng "Passerelle unique informatique", genannt "API-PNR Gateway", op d'Been ze stellen, déi et erlabe soll, API-Daten ("Advanced Passenger Information") an PNR-Daten ("Passenger Name Record"), déi beim Fluchverkéier erhuewe ginn, méi einfach ze traitéieren a weiderzeleeden. D'Plattform sollt zu Lëtzebuerg genotzt ginn, mee och un aner Staate verkaf gi bei Interessi.

Och op EU-Niveau gëtt un esou Systemer geschafft. An zwou rezenten EU-Proposë fir d'Harmoniséierung vun der Sammlung an der Iwwermëttlung vun API-Daten (COM(2022)731 an COM(2022)729) geet dovu riets, dass d'eu-LISA (European Union Agency for the Operational Management of Large-Scale IT Systems in the Area of Freedom, Security and Justice) fir d'Memberstaate soll d'Entwécklung, den Hosting an d'technesch Verwaltung vun engem "Router" fir d'Iwwermëttlung vun API-Daten iwwerhuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wou sinn d'Aarbechten um Gateway drun?
   Ass de System schonn operationell?
   Falls jo, a wéi enge Länner?

2. Wéi vill huet de Staat, dee 75% vun de Parte vum GIE hält, an d'Entwécklung vum API-PNR Gateway investéiert?

3. Awéifern ënnerscheet sech dee vun der EU geplangte System vum lëtzebuerger Gateway?

4. Wäert de gemeinsamen europäesche Router dee vum GIE entwéckelte Gateway iwwerflësseg maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten